*Dir Häre Ministere,*
*Dir Dammen an Hären Deputéiert, Buergemeeschteren, Schäffen a Gemengeréit,*
*Direkteren a Responsabler vu Verwaltungen, Berufschamberen,*
*Responsabler vu befrëndten Organisatiounen, Gewerkschaften, Sympathisanten,*
*Leif Memberen, Leif Frenn,*

Ech sinn an etwa esou aal wéi de Mouvement a fannen et e ganz gudden Alter. Diemno: wat soën zu enger Organisatioun a voller Bléi?

Déi ganz klassesch Fro ass natierlech, wat wäer, wann et de Mouvement an de läschte 40 Joer net gi wäer? Ech menge schon, datt eist Land dach e gutt Stéck mei uarm wäer. An dat net nëmme weinst dem Duerchbroch vun enger ganzer Rei Iddien a Virschléi vum Mouvement, esou wichteg se och sinn. Nee, ee vun de wichtegste Mérite vum Mouvement an dem klénge lëtzebuerger Mikrokosmos ass secherlech, datt mäer ëmmer ërem probéieren **éffentlech politesch Debatten** ze förderen, datt mäer fir eng **lieweg Diskussiounskultur** an der Gesellschaft antrieden, fir **Ausenanersetzungen am positive Sënn vum Wuert iwwert Werter an Zukunftsperspektiven**. A ganz eierlech: gëtt net grad déi Eegenschaft haut besonnech gebraucht, géingen net vill méi oft konstruktiv Streit-Debatten eiser Gesellschaft gutt doën… ? haut, wou een alt den Androck huet, datt héchstens eng iwwerfällech Reförmche vun der Autostéier nach d'Gemidder erhetzt an x-bloggen ausleist… ?

Ma natierlech steet de Mouvement och fir eng Rei ganz konkret Fortschrëtter an eiser Gesellschaft, wou mäer - dacks mat aneren zesummen - an d'Wee geleed hunn, dat niewt eisem kritesche Bléck ob politesch Entwécklungen.

- Et ass e Mouvement, die sech zenter den Diskussiounen iwwert d'Atomenergi fir erneierbar Energien a rationnell Energinotzung asetzt, och zu Zäiten, wou nach kaum een et wollt heieren,
- Et ass e Mouvement, die mat aneren 1992 um Ursprung vun der Iddi vum Tram stoung (mat engem Trassevirschlag, dien net vill anescht ass wéi die vun haut…)
- dien d´Iddi vun de Naturparke zu Letzebuerg net nëmmen, ma och als Instrument vun enger regionaler Entwécklung, gerett huet, an Zeiten wou baal kee mei dru gegleewt huet,
- die gemeinsam - viru mei wei 15 Joër! - an dono och zesumme mam OGB-L d´Iddi vun der Albausanéierung lancéiert huet,
- mäer stoungen um Ursprüng vum Klimabündnis Letzebuerg,
- e Mouvement huet d'Iddi vun enger Mobilitéitszentral an engem Verkéiersverbond lancéiert,
- d'Integratioun vun der nohalteger Entwécklung an d'Verfassung ass ee vun eise grousse Succès'en a muench aneres, dat haut vum politesche „mainstream" revendiquéiert gëtt …

Iwwert esou Succès'en eraus ass et awer och e Mouvement, die sech ëmmer fir strukturell Reformen - eent vun eise Lieblingswieder - agesat huet: net nëmmen hei oder do Pompjé spillen, nee, iwwert méi fundamental a strukturell Reformen eis Gesellschaft no fir bréngen. A wann et e Mouvement wuar - fir ee Beispill vu villen ze huelen - dien deemols mat gehollef huet datt iwwerhapt en Ëmweltministère geschaafe ginn ass, dann ass et haut e Mouvement, dien derfir steet, datt mer der Iddi vun der nohalteger Entwécklung gerecht ginn, an den Emweltministère an en Zukunftsministère "Nohalteg Entwecklung, Klima, Energie an Ëmwelt" weiderentwéckelen.

E Mouvement kann houfreg ob séng Entwécklung sinn an och op dat wat en erreecht huet. Datt e sech 40 Joer konsequent fir Zukunftsfroen agesat huet. Ech soen ëmmer DE Mouvement: ma dat si natierlech villeg villeg Leit, déi sech all an hierer Fräizeit op ennerschiddlechste Plazen asetzen a bereed sinn, offen, konstruktiv a lieweg ze diskutéieren a sech fir gemeinsam Werter asetzen. A wann ech den Owend och ërem kucken: jo e Mouvement ass e Bëndnëss vu ganz ennerschiddleche Leit wou fir Grondwerter stinn, queesch iwwert d'Partei- an aner Grenzen ewech. Et ass déi Solidaritéit, déi eis ausmescht. Ob dëser Plaz e ganz déckegen a wuarme Merci un all déi Leit, wou an de läschte Joeren - an awer och an Zukunft - gehollef hunn, datt et de Mouvement gëtt.

Erlabt mer **3 zentral Entwécklungsphasen** ze skizzéieren, déi net nemme fir e Mouvement stinn, ma wuel och stellvertriedend fir eis Gesellschaft sinn.

Wann ee kuckt vu wou de Mouvement hierkënnt, da wuar de Mouvement 1968 virun allem eng Naturschutzorganisatioun, gegrënnt vu Jonker, déi eis Natur gäer haten, camps écologiques an Aktiounen um Terrain organiséiert hunn. An déi **éischt zentral Phase** vun eiser weiderer Entwécklung wuar du secherlech d´Debatt ëm Remerschen an de 70ger Joeren, ëm d´Atomkraft. Aus däer si mäer eng méi **gesellschaftspolitesch Organisatioun** ginn. D'Ausso vun engem Robert Junk die sot, Atomkraft wäer niewt allem techneschen, eng Diskussioun iwwert gesellschaftlech Prioritéiten an Défisen, huet eis entscheedend geprägt a steet symbolhaft fir eng Entwécklung och an der Gesellschaft. Niewt dem ëmmer nach wichtegen Thema vum Naturschutz koumen Debatten op wéi: Wéi stelle mer eis eng Energieversuergung vu muer fir? Wéi gi mer ëm mat technesche Risiken? Wéi eng Landesplanung brauche mer? Mat dem Opkommen vun de Biergerinitiativen ass och d'Fro vun der Demokrati, vun der Bedeelejung vun de Leit an der Viirdergrond geréckelt. D'Reform vum Staatsrot, d'Debatt em Biirgerbedeleegung am allgemengen … och hei huet de Mouvement säin Deel derzou beigedroen, mat Aktiounen a konkrete Virschléi.

Eng **nächst entscheedend Phase** wuar du secherlech **Rio**. Erreicht dunn hu mäer als Mouvement, wéi esou vill anerer och, d'Bedeitung vun der nohalteger Entwécklung esou richteg begraff. Den ominéise Sproch "global denken - lokal handelen" krut eng aner Dimensioun. Iwwerleeungen wéi dei vun der weltweiter Gerechtegkeet, wéi mer de Räichtum op dëser Welt verdeelen, wéi en Usproch wien op Ressourceverbrauch an och ob d'Belaaschtung vum Emweltraum huet … hunn e ganz anere Stellewert kritt. Dank Rio huet awer och d'Grondiwwerzechung, datt mer nach vill méi déi nächst Generatiounen an eist Denke mussen abezéien, u Bedeitung gewonnen. Eise Gesellschaftsmodell ass hannerfrot ginn: géif en tatsächlech eng zukunftsfäheg Welt erlaben, Gerechtegkeet par Rapport zu de nächste Generatiounen a par Rapport zu de Menschen an de Länner vum Süden, wann all Leit op deser Welt géinge liewe wéi mäer? D'Äntwert wuar deemols wéi haut kloer: nee.

Wann ee lo no fir kuckt, an ob all Gebuertsdag kuckt ee no fir, si mäer vleit an enger **drëtter wesentlecher Entwécklungsstuf** ukomm, déi ërem en ähnlechen, och gesellschaftspolitesche, Qualiteitssprong duerstellt , a wou et eis muss gelengen se obzegräifen

Et ass positiv: A 40 Joer huet d'Ekologi, d'nohalteg Entwécklung ouni Zweifel **u Stellewert gewonn**, Net zeläscht secher och, well sech d'Problemer zougespetzt hunn: mat dem Raum wou

ëmmer méi knapp gëtt, de Klimaverännerungen wou evident sinn, dem ongebremsten Arteverloscht, der onerdréiglecher Diskrepanz tëscht Arm a Räich an eise Gesellschaften an tëschent Norden a Süden… Kéng Partei kënnt haut méi derlaanscht sech zu der - wéi och emmer vun hir definéierter - nohalteger Entwécklung ze bekënnen. E Grondwëssen, eng Grondakzeptanz huet sech an de läschte Joere schon agestallt. Ma mäer stinn haut nach mei kloer wéi an der Vergangenheet virun allem viru folgenden zwou groussen zentrale Zukunftsdéfisen:

- **Déi eischt: Dat Wesse wat mäer hun, féiert leiert net genuch zum Handelen. A grad déi Diskrepanz musse mer ophiewen.** Jo, mäer liewen an enger **schizophrener Gesellschaft**: Mäer wësse vill méi wat misst gescheien, ma handele net derno. De Mouvement huet deser Deeg séng Wahlproposen 2009 - 2014 virgestallt. Mäer hunn do och eng Analyse gemaach, wat bis elo geschitt ass, an déi ass leider - och wann e.a. en Ëmweltminister secher an enger ganzer Rei Dossieren sei Match gemaach huet - äusserst ernüchternd. Et kann ee scho soen: villes mei wei 50% vun diem wat sech eng Regierung virgeholl hat, ass net emgesat ginnt. Mäer verfehlen eis selwer gesaten Zieler vun der nohalteger Entwécklung - wéi och eng rezent Analyse och vun der „commission interdépartementale" vun der nohalteger Entwécklung opweist - an engem dramateschen Ausmoos. An zeguer: verschidden Initiativen wou ergraff gouwen, schengen net ausgeräift. E klenge Quiz: weivill Leit mengt Dir, datt 2008 e Subsid eragerecht hunn a punkto Albausaneierung? Ja? 77, bei wuel méi wéi 100.000 Wunnengen! Dat weist wéi e Wee nach virun eis läit… Et wäer iwwregens besser gewiecht, d'Politik hätt Gelder vun der Verschrottungsprämie geholl fir Leit wou sozial méi schwach gestallt sinn ënnert d'Ärm ze greifen fir hiert Haus ze sanéieren, wéi se dann an den Auto ze investéieren.

  ***Den Challenge heescht ganz einfach: wat muss gescheien, datt mäer machen, wat mer mëttlerweil wessen datt mer missten machen. Wat musse mer machen, datt mer eis net ënnert dem vermeintlechen Drock vum Alldag verleieren?***

  A grad a besonnech a Krisenzeite misste mer eis diem Challenge stellen. Engerseits, wëll mer nëmmen wa mäer Ekologi, Ekonomie a Soziales langfristeg ënnert en Hutt kréien, och stabil Wirtschaften a Gesellschaften fir muer opbaue kënnen. Langfristeg hu mer zu engem ganz groussen Deel déi selwecht Interessen: nëmmen eng Wirtschaft wou sech der Ressourceknappheet a villem méi stellt, huet eng Chance. Anerseits kenne mer nemmen esou och vill win-win-win-Strategie notzen: win-win-win andiem mäer duerch sennvoll Investissementer – vu Kläranlagen bis zur Albausanéierung – Arbechtsplazen erhalen a schaffen, ekonomesch an ekologesch Virdeeler hunn an och Initiativen am Sënn vun engem Strukturwandel ergräife kënnen.

- Den **zweeten zentralen Défis virun diem mer haut stinn** ass och grondsätzlecher Natur: mat Gepiddels, hei oder do enger isoléierter Moosnahm kreie mäer eis Gesellschaft net a Richtung nohalteg Gesellschaft reforméiert. Angesichts de giganteschen Erausfuerderungen vun enger nohalteger Entwécklung geet et z.B. net mei duer, fir eiser klassescher Wirtschaftspolitik en "ekologeschen" Touch ze ginnn. Vill méi grondsätzlech a fundamental Reforme si noutwendeg. Esou wichteg déi Etude iwwert Ëmwelttechnologien och ass, wou den Wirtschaftsminister elo positiverweis an Optrag

ginn huet: klassesch Wirtschaftspolitik mat e besjen Ëmwelttechnologien geet net duer. Mäer brauchen eng aner Wirtschaftspolitik, déi de Grenze vum Planéit Rechnung dreit. En onbegrenztent Wuessen ob engem begrenzte Planéit geet net. Erlabt mer och dat oft genotztent, ma awer esou plausibelt Beispill vun der Mobilitéit ze huelen. D'Léisung ass net un der ablacklecher Verkeierspolitik festzehaale mat hei oder do enger Bus- an Zuchlin méi an technesch besseren Autoen, … ma eng grondsätzlech aner Politik ass neideg. Mäer stellen eis e Letzebuerg a 50 Joer fir, wou de Foussgänger, de Velosfuerer, Bus an Zuch d´Bild vun de Gemengen prägen, wou mer eng aner Urbanitéit an eise Stied an Dierfer hun. Mäer brauchen déi Trendwend, fir ërem méi e menschegerecht Ëmfeld ze kreien. Mäer brauchen se awer och, well d'Mobilitéit wéi mäer se haut hunn ganz einfach net weltwäit iwwerdrobar ass. En anert Beispill an diem Sënn: Trotz der Tatsach, datt eis Reserve vu Gas a Petrol ob en Ënn ginn maache mer nach ëmmer, wéi wann dach alles wéider kéint goen wéi elo mat eben e besjen energiespueren an e besjen erneierbar. Ma a 50 Joer muss d'Energiespueren an d'Erneierbar eis Energiepolitik sinn, fir eis Kanner an Enkelkanner musse si Normaliteit sinn. Ob mäer wellen oder net. A Virdeeler leien jo och erem dran:
wéi positiv ass et dach, datt dat Geld wat mer dann ausginn un e Produzent vun enger Solarfirma waméiglech an der Groussregioun geet, un en Handwierker aus der Géigend … a net méi bei en Oligarche dausende vu Kilometer eweg.

Den zentrale Paradigmewiessel virun diem mäer elo also stinn ass: wa mäer wirklech wellen eng nohalteg Gesellschaft ginn brauche mer kéng kléng Kurskorrekturen, ma e **wirkleche Kurswiessel**, e choix de société, en Zivilisatiounswandel, e Wiessel an eise Mentalitéiten. Mäer musse Sache net nemme besser machen, ma se grondsätzlech veränneren. Et gëet drem eis Käpp opzemaachen fir nei Gesellschaftsbiller vu muer. Mäer mussen eng offen Debatt iwwert d'Grondorientéierung vun eiser Gesellschaft féieren an doriwer diskutéieren, wéi mäer liewe wëllen. An d´Fro ass haut an enger Welt vun Iwwerkonsum mei wichteg wei je: wéi défineiere mäer gutt liewen? All Analysen iwwert Glécksfuerschung weisen, datt ab engem gewesse Liewensstandard – an dien hun zu Letzebuerg ganz vill Leit ereecht – ëmmer méi materiell Gidder heefen net wirklech méi frou mecht. Vill méi wichteg ass et, sech an engem soziale Netz opgefang ze spieren, an engem attraktiven Emfeld ze wunnen asw. Sinn dat net Zieler, fir déi et sech lount sech ze engagéieren?

An do schleisst sech och de Kreess vun der Entwécklung vum Mouvement. E Mouvement ass secherlech weinst diene Grondfroen ëm gesellschaftlech Visioune gegrënnt ginn, an och a virun allem well et eis oft em immateriell Werter geet.

Wat heescht dat alles elo fir de Mouvement, diem sei Gebuertsdag mer jo awer haut feieren. Ech muss soen, eng flott Beschreiwung vun eis krute mäer dei läscht Woch an der Press wéi an enger Zeitung eis Wahlproposen als «gewinnt sachlech a radikal» duergestallt gi sinn an eng aner geschriwen huet, mäer hätten alt erem e „Fundus un Iddie“ produzéiert. Wéi eng besser Reaktioun keint ee sech wenschen?

**Ech menge grad genau esou soll de Mouvement bleiwen. E besje radikal, awer sachlech, mat engem grousse Fundus un Iddien.**

Ech verheemleche net, datt dat en Défis ass: Et ass en Défis, fir de neien OekoZenter mat Liewen ze fellen. Well no lange Joeren, wou mer an angeengte Raim, déi och fir den accueil vum Public net geegent waren, “gehaust” hun, gett elo de Projet vun engem neien OekoZenter konkret. Ze verdanken hu mir dat enger Rei Ministeren (en particulier dem Ëmweltminister) an dem Schëfferot vun der Stad Letzebuerg. Dësen Zenter soll mat sénge Seminarreim, sénger Dokumentatioun, sénger Berodungsoffer eng Plaz fir Weiderbildung, Informatioun an Dokumentatioun ronderem den Thema vun der nohalteger Entwécklung ginn. Et ass en Défi, dee mir mat Engagement wellen ophuelen. Et ass en Défis, fir un der Stang ze bleiwen, wann ee fäert datt d’Zäit engem fortleeft … Et ass en Défis, fir ëmmer erëm fir Grondfroen anzetrieden an Zäiten, wou mäer dach esou gäeren iwwert Detailler schwätzen. Et ass awer och en Défis, fir datt mer d’moyen’en kréien eis méi stark an der EU-Politik anzemeschen. Et ass en Défis, fir och an de Regioune präsent ze bleiwen. Et ass wichteg, fir de Spagat tëscht Haptamt an Eirenamt ze packen, fir vleit nach e besje mei eng professionell Basis ze kréien an grad doduerch méi Eirenamt ze erméiglechen. Et ass en Défis fir duerzeleen, datt déi oft technesch komplex Dossieren wou mäer behandelen fir Werter, fir Visioune fir muer stinn.

Ech sot et schon ob eiser Feier am Dezember: Mäer mengen, datt eis Werter gutt Aktie fir d’Zukunft sinn. Eis Fonge si stabil, net krisenufälleg, hinne wäert d’Zukunft gehéieren. A fräi nom Willy Brandt: „Der beste Weg die Zukunft vorauszusagen, ist sie zu gestalten.“

Ech soen Iech Merci!